



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

Luxembourg, le **26 AVR. 2021**

**Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec  
le Parlement**

**Service Central de Législation  
Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°3847 du 12 mars 2021 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant les mesures anti-bruit routier pour la Collectrice du Sud, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch  
Ministre de la Mobilité  
et des Travaux publics**

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten an der Madamm Carole Dieschbourg, Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, op d'parlamentaresch Ufro N°3847 vum 12. Mäerz 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert Moosnamen géint de Kaméidi op der südlecher Collectrice**

Wéi vill Gefierer fueren an de Spëtzenzäiten um Segment vun der Péitenger Collectrice?

Laut der Dauerzielstell vun der Stroossebauverwaltung fueren op dem Segment vun der Collectrice N31 ronn 26.800 Gefierer pro Dag.

Wéi eng Moosname wäerten d'Ministeren ënnerhuelen, fir de Kaméidi, dee vun der Collectrice ausgeet, ze reduzéieren?

Den Aktiounspläng vum Ëmweltministère géint de Kaméidi vun der Strooss presentéiert eng Strategie fir d'Präventioun an d'Reduktioun vum Stroossekaméidi. Op Basis vun der Kartographie vun de groussen Stroossen mat méi wéi 3 Milliounen Mouvementer pro Joer, ënner déi och d'Collectrice (Avenue de l'Europe) fällt, gi potentiell prioritär Plazen identifizéiert a systematesch prioriséiert (Hotspot Analyse).

An dem aktuellen Aktiounspläng sinn och ronderëm Péiteng/Rodange dräi potentiell prioritär Plazen identifizéiert ginn zu deenen d'Kaméidisemissionen vun der Péitenger Collectrice bäidroen. Den Aktiounspläng gesäit den Moment nach keen spezifesch Projet zu Péiteng vir. Et sollt awer ugemierkt sinn, dass dëst net verhënnert datt weider Moosnamen ëmgesat ginn, déi net Deel vun den Aktiounspläng géint Kaméidi sinn.

Wéi bewäerten d'Ministeren d'Optioun, eng Schallschutzmauer op der Collectrice ze bauen?

De « *Plan d'action contre le bruit environnemental* » hält d'Krittären an d'Moosname fest déi zeréckbehale gi fir de Kaméidi an den Uertschaften ze reduzéieren.

Generell gi Moosnamen déi de Kaméidi präventiv vermeiden oder un der Source reduzéieren als am Nohaltegsten ugesinn; fir problematesch Plaze kennen awer och Moosnamen déi un der Ausbreedung vum Kaméidi usetzen oder passiv Moosnamen virgesinn ginn.

Zu de Moosname gehéieren also net nëmme konstruktiv Léisunge fir de motoriséierten Individualverkéier, mee och Infrastrukture fir den öffentlechen Transport, d'Foussgänger an d'Vëlofuerer (aktiv Mobilitéit) ze férdere. All dës Mesuren droen dozou bäi den motoriséierte Verkéier, an domadder de Kaméidi dee vun ëm ausgeet, ze reduzéieren.

Wéi bewäert de Minister d'Optioun, eng weider Ënnerféierung ënnert dem Rond-Point beim LTA ze bauen?

2014 gouf een *Dossier de synthèse* vun der Stroossebauverwaltung ausgeschafft. De Projet aus dësem Dossier huet och an enger spéiderer Phase eng Ënnerféierung vum Rond-Point virgesinn. Obschonn de Projet net esou weider gefouert gouf, gëtt nach ëmmer no Léisunge fir d'Fluiditéit ob dëser Haaptachse eropzesetzen, studéiert. Well dës Etuden déi gesamt Regioun ëmfaassen, mussen hei och ganz ëmfaangräich Traficsimulatiounen duerchgefouert ginn, déi duerch hir Komplexitéit méi laang brauchen.

Wéi bewäert de Minister d'Optioun, eng méi niddreg Geschwindegkeetsbegrenzung um Segment tëschent der Biff an dem Dräilännereck anzeféieren?

D'N31 zu Péiteng spillt eng wichteg Roll als Verlängerung vun der Collectrice du Sud an als Alternative zu der N5 déi duerch den Zentrum vu Péiteng a Rodange féiert. D'Leeschtungsfäegkeet vun dëser Verbindung ass domadder essentiell. Eng Geschwindegkeetsbegrenzung ass momentan net ugeduecht.